



Regulus Junior-Club

Programm

Oktober – Dezember 2020



natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
secretariat@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu

Samschdes, de 3. Oktober 2020

Sonndes, de 4. Oktober 2020

D'Rees an de Süden

EuroBirdwatch20

natur&ëmwelt bitt dir d'Méiglechkeet den 3. a 4. Oktober d'Zuchvullen op hirer Rees an de Süden ze beobachten. Dëst Joer si mir an der Stad, wou's du ënner anerem vum 3.10. un och e ganz neien Actioun Bound am Stater Parc kanns maachen. Do dernieft si fir de 4.10. Beobachtungsstatiounen um Kaltreis zu Bouneweg an zu Iwwersyren geplangt.
Du kanns gären deng Spektiv matbréngen.

BirdLife
EuroBirdwatch20

Vulle beobachten a bestëmmen

natur&ëmwelt

Programm

Samschdes, den 3.10.2020

Lëtzebuerg-Stad

natur&ëmwelt Sektioun Stad ass wärend dem Stater Maart mat engem Infostand vertrueden, wou een ënner anerem vill Infos zu de Vullen an der Stad, besonnesch am Stater Parc kritt. Mat der neier „Action Bound App" kann een ab dem 3.10. de Stater Parc mat senge Bewunner nei entdecken. De Start ass bei der Kinnekswiss a vun do aus féiert de Wee eng Kéier ronderëm am Parc, wou wärend dem Tour déi eenzel Froe fräi geschalt ginn.

Sonndes, de 4.10.2020

Vulle beobachten um Kaltreis zu Bouneweg

R-V: 9.00 Auer
Hei ass 3 Stonne laang e Beobachtungsposte vu n&ë Sektioun Stad fir all Natur- a Vullenintresséierte mat vill Infos iwwert de Vullenzuch iwwert der Stad.
Obligatoresch Umeldung: 621 29 84 24

Visite vum natura 2000 Gebidd Schlammwiss zu Iwwersyren

R-V: 9.00 Auer zu Mënsbech, Parking Fußballsterrain
D'Hënn mussen doheem bleiwen!

Obligatoresch Umeldung: Jim Schmitz, Tél.: 621 29 36 95
E-mail: j.p.schmitz@naturemwelt.lu
Ëffentlechen Transport: Gare Mënsbech



Donneschdes, de 15. Oktober 2020

Buedemfuerscher



Ob am Kompost, Bliederkoup, doudege Bamstamm oder Bëschbuedem, et wibbelt, kraicht a flaicht a waart nëmmen drop, dass mir mat eise Pinselen a Becherlupe komme fir dat klengt Gedéiesch opzesammelen an ze beobachten.
Mir probéieren och e Minibiotop ze bastelen.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur



Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 5 €

Dënschdes, de 27. Oktober 2020

Schnitzeljuegd am Bësch

Mir siche Rästelkëschten, maachen Aufgaben a kréien sou lues a lues ëmmer méi Hiweiser op eng Schatzkaart. Wetten dass mir d'Rätsel ëm de verstoppte Bëschschatz knacken?

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur



Alter:
8 bis 12 Joer

Onkäschten: 5 €

Dënschdes, de 17. November 2020

Feierkichen

Mir si Feierkäch a bereeden eis lecker häerzhaft a séiss Saache vir, fir se duerno um Feier ze baken. An der gemittlecher Ronn loosse mir ons et gutt schmaachen!

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 8 €

Donneschdes, de 26. November 2020

Holzatelier
Mir bauen eng Fudderkëscht

Mir ginn d'Vullen op eng Fudderplaz am Bësch beobachten a bauen duerno selwer eng Fudderkëscht fir mat Heem ze huelen an an de Gaart opzehänken.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Remerschen
Biodiversum

Alter:
8 bis 12 Joer

Onkäschten: 8 €

Dënschdes, den 8. Dezember 2020

Adventsbäckerei

Mir bake Schneekeges fir d'Wanterzäit! Pünktlech fir d'Adventszäit bake mir Kichelcher a maachen nach aner gutt Saachen aus gesonde Vollwäertprodukter.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer



Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 10 €

Dënschdes, den 15. Dezember 2020

Natierlech feieren

Eise Klassiker!! Déi wanterlech Natur gëtt engem vill Materialien fir eng schéin Deko fir d'Enn vum Joer ze bastelen.
D'Feierdeeg ganz natierlech a nohalteg.
Bei Glühjus a flotter Musek werkelen a bastele mir.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 8 €

Numm: _____

Adress: _____

Uertschaft: _____

Gebuertsdatum: _____ Telefon: _____

mellt sech un fir: (ukräize w.e.g. an zeréckschécken, mailen oder faxen un de Regulus Junior-Club)

O Buedemfuerscher
15.10.2020

O Schnitzeljuegd am Bësch
27.10.2020

O Feierkichen
17.11.2020

O Holzatelier – Fudderkëscht
26.11.2020

O Adventsbäckerei
08.12.2020

O Natierlech feieren
15.12.2020

Fir d'Aktivitéiten, wou mir deng Participatioun zeréckbehalen hunn, kriss du eng Bestätegung per Flyer!

---

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
secretariat@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu